D'Verfassung ass de wichtigste Rechtstext vum Land. Hei gëtt den Opbau vum Staat definéiert an de Fonctionnement vun eisen Institutiounen organiséiert. Och d'Rechter an d'Fräiheete vun de Biergerinnen a Bierger ginn hei festgehalten.

No hirer Entrée en vigueur den 1. Juli 2023 huet eist Land eng modern Verfassung, déi konform ass mat der institutioneller Praxis.

Fernand Etgen
Chamberpresident

VERFASSUNG VUM GRAND-DUCHÉ VU LËTZEBUERG



De Lëtzebuurger Fändel

KAPITEL I. – DE STAAT, SÄIN TERRITOIRE A SENG AWUNNER

Sektioun 1. – De Staat, seng politesch Form an d'Souveränitéit

Art. 1.

De Grand-Duché vu Lëtzebuerg ass en demokrateschen, fräien, onofhängegen an ondeelbare Staat.

Art. 2.

De Grand-Duché vu Lëtzebuerg funktionéiert no de Reegele vun enger parlamentarescher Demokratie. D'Staatsform ass déi vun enger constitutioneller Monarchie.

De Staat berout op de Prinzippe vum Rechtsstaat an op dem Respekt vun de Mënscherechter.

Art. 3.

D'Souveränitéit läit bei der Natioun, vun där d'Staatsgewalten ausginn

Art. 4.

(1) D'Sprooch vum Grand-Duché vu Lëtzebuerg ass Lëtzebuergesch. D'Gesetz reegelt d'Benotzung vun der lëtzebuergescher, der franséischer an der däitscher Sprooch.

(2) D'Nationalsymbol ass den dräifaarwege Fändel Rout-Wäiss-Blo.

(3) D'Gesetz definéiert d'Staatswopen.

(4) D'Nationalhymn ass „Ons Heemecht“.

Art. 5.

De Grand-Duché vu Lëtzebuerg bedeelegt sech un der europäescher Integratioun.

Den Exercice vu Staatsgewalte kann un d'Europäesch Unioun an un international Institutiounen iwwerdroe ginn duerch e Gesetz, dat no de Konditiounen vum Artikel 131, Alinea 2 vun der Verfassung ugeholl gëtt.

Sektioun 2. – Den Territoire

Art. 6.

Keen Territoire kann ofgetrueden, getosch oder derbäigesat ginn, ausser opgrond vun engem Gesetz, dat mat der qualifizierter Majoritéit ugeholl gëtt.

Art. 7.

D'Grenzen an d'Haaptuertschafte vun de Kantonen, de Gemengen an de Geriichtsarrondissementen gi vum Gesetz festgeluecht.

Art. 8.

D'Stad Lëtzebuerg ass d'Hauptstad vum Grand-Duché vu Lëtzebuerg an de Sëtz vun de constitutionellen Institutiounen.

KAPITEL II. – D'RECHTER AN D'FRÄIHEETEN

Sektioun 1. – D'Nationalitéit an d'politesch Rechter

Art. 9.

D'Gesetz leet fest, wéi een d'lëtzebuergesch Nationalitéit kritt, behält a verléiert.

Art. 10.

(1) D'Lëtzebuurger hu sämtlech politesch Rechter, déi si no de Konditiounen vun der Verfassung an de Gesetze ausüben.

(2) Ënner Ausschluss vum Artikel 64 kann d'Gesetz Netlëtzebuurger d'Ausübe vu politesche Rechter accordéieren.

Art. 11.

D'Gesetz reegelt den Zougang zu den öffentliche Aarbechtsplazen. Öffentlech Aarbechtsplazen, bei deenen een direkt oder indirekt un dem Exercice vun der Staatsgewalt an u Funktiounen deelhält, déi dorop ausgerichtet sinn, d'allgemeng Interessie

vum Staat ze schützen, kënnen vum Gesetz de Lëtzebuerger virbehale ginn.

Sektioun 2. – D'Grondrechter

Art. 12.

D'Mënschewüerd ass onverletzlech.

Art. 13.

(1) All Persoun huet d'Recht op hir kierperlech a geeschteg Integritéit.

(2) Keen däerf gefolttert oder onmënschlechen an erniddregende Strofen oder Behandlungen ausgesat ginn.

D'Doudestrof kann net agefouert ginn.

Art. 14.

All Persoun huet d'Recht op Meenungsfräiheet, Gewëssensfräiheet a Reliounsfräiheet.



D'„Gëlle Fra“

Sektioun 3. – D'ëffentlech Fräiheeten

Art. 15.

(1) D'Lëtzebuerger si virum Gesetz gläich.

D'Gesetz kann eng ënnerschiddlech Behandlung virgesinn, déi op enger objektiver Differenz baséiert an déi rationell gerechtfäerdeg, adequat a proportional zu hirem Zil ass.

(2) Et dierf kee wéinst senger Situatioun oder senge perséinlechen Ëmstänn diskriminéiert ginn.

(3) Fraen a Männer sinn an hire Rechter a Flichte gläich.

De Staat setzt sech aktiv fir d'Eliminatioun vun den Hindernisser an, déi am Beräich vun der Gläichheet tëschent Fraen a Männer kënnen bestoen.

(4) All Persoun huet d'Recht, eng Famill ze grënnen.

All Persoun huet d'Recht op de Respekt vun hirem Familjeliewen.

(5) An all Entscheedung, déi e Kand betrëfft, huet säin Interessi Virrang.

Jiddwer Kand kann zu all Fro, déi et betrëfft, seng Meenung fräi äusseren. Seng Meenung gëtt jee no Alter an Urteelsfäegkeet a Betruecht gezunn.

Jiddwer Kand huet d'Recht op de Schutz, op d'Moosnamen an op d'Fleeg, déi fir säi Wuelbefannen a seng Entwécklung néideg sinn.

(6) Jiddwer handicapéiert Persoun huet d'Recht, op déi selwecht Aart a Weis all Rechter ze genëssen.

Art. 16.

All Netlëtzebuerger, dee sech um Territoire vum Grand-Duché befënnt, genéisst de Schutz, deen de Persounen an de Saachen accordéiert gëtt, ënner Virbehalt vun den Ausnamen, déi d'Gesetz virgesäit.

Art. 17.

(1) D'perséinlech Fräiheet ass garantéiert.

(2) Keen dierf strofverfollegt, festgeholl oder senger Fräiheet entzu ginn, ausser an de Fäll an an der Form, déi d'Gesetz virgesäit.

(3) Ausser wann een op frëscher Dot ertappt gëtt, dierf een nëmmen opgrond vun enger begrënnter riichterlecher Entscheedung festgeholl ginn, déi bei der Festnam oder spéitstens véieranzwanzeg Stonnen dono zougestallt gëtt.

(4) All Persoun, déi enger Strofdot beschëllegt gëtt, gëllt als onschëlleg, bis hir Schold dem Gesetz no bewisen ass.

All Persoun muss direkt iwver d'Grënn vun hiner Festnam oder hirem Fräiheetsentzuch, iwver d'Uschëllegunge géint si an iwver d'gesetzlech Recoursen informéiert ginn, déi hir opstinn, fir hir Fräiheet zeréckzekerien.

Art. 18.

All Persoun huet d'Recht, datt hire Fall virun deem Geriicht, dat d'Gesetz virgesäit, gehéiert gëtt.

Kee ka géint säi Wëllen dem Riichter, deen d'Gesetz him zouweist, entzu ginn.

Art. 19.

Strofe kënnen nëmmen opgrond vun engem Gesetz festgeluecht an applizéiert ginn.

Et dierf kee fir eng Dot oder eng Ënnerloosung verurteelt ginn, déi zum Zäitpunkt, zu deem se begaange ginn ass, keng gesetzlech Strofdot war.

Et dierf keen zu enger méi héijer Strof verurteelt gi wéi där, déi applicabel war zum Zäitpunkt, zu deem d'Strofdot begaange gouf.

Art. 20.

All Persoun huet d'Recht op de Respekt vun hirem Privatliwien.

Art. 21.

D'Wunneng ass onverletzlech. En Hausbesuch kann nëmmen an de Fäll an an de Formen, déi vum Gesetz virgesi sinn, duerchgefouert ginn.

Art. 22.

En Eed kann nëmmen opgrond vun engem Gesetz imposéiert ginn, dat och seng Formel festleet.

Art. 23.

D'Meenungsfräiheet an d'Pressefräiheet si garantéiert, ofgesi vun de Strofdoten, déi am Zesummenhang mam Ausübe vun dese Fräiheeten begaange ginn.

Et dierf keng Zensur agefouert ginn.

Art. 24.

D'Fräiheet, fir seng philosophesch oder reliéis Iwwerzeegungen auszedrécken, an d'Fräiheet, fir enger Relioun bäizetrieden oder net bäizetrieden, si garantéiert, ofgesi vun de Strofdoten, déi am Zesummenhang mam Ausübe vun dese Fräiheete begaange ginn.

D'Reliounsfräiheet an hiert Ausübe si garantéiert, ofgesi vun de Strofdoten, déi am Zesummenhang mam Ausübe vun dese Fräiheete begaange ginn.

Kee ka gezwonge ginn, op iergend eng Aart a Weis un den Handlungen an Zeremonië vun enger Relioun deelzehuelen oder hir Roudeeg anzehalen.

Art. 25.

All Persoun huet d'Recht, sech friddlech, am Respekt vum Gesetz, ze versammelen. Nëmme fir Versammlungen, déi dobaussen, op enger Plaz, déi effentlech zougänglech ass, stattfannen, kann eng prealabel Autorisationspflicht virgesi ginn.

Art. 26.

D'Vereenegungsfräiheet ass garantéiert. Wéi se ausgeübt gëtt, gëtt vum Gesetz gereegelt, dat dofir keng prealabel Autorisationspflicht aféieren dierf.

Art. 27.

D'politesch Parteien droen derzou bäi, de Wëlle vum Vollek ze forméieren an dem allgemenge Walrecht Ausdrock ze ginn. Si drécken den demokratesche Pluralismus aus.

Art. 28.

D'Fräiheete vun de Gewerkschafte si garantéiert.

D'Gesetz reegelt d'Ausübe vum Streikrecht.

Art. 29.

All Persoun kann Demanden, déi vun enger oder méi Persounen ënnerschriwwen goufen, un d'effentlech Autoritéiten adresséieren.

D'effentlech Autoritéite si verpflichtet, bannent engem rasonablen Delai op d'schrëftlech Ufroe vun den Demandeuren ze äntweren.

Art. 30.

All Persoun huet d'Recht op d'Onverletzlechkeet vun hire Kommunikatiounen.

Dëst Recht dierf net ageschränkt ginn, ausser an de

Fäll, ënnert de Konditiounen a mat de Kontrollen, déi vum Gesetz virgesi sinn.

Art. 31.

Jiddereen huet d'Recht op Selbstbestëmmung, wat d'Informatiounen ugeet, an op de Schutz vu senger perséinlechen Daten. Dës Daten dierfen nëmmen zu den Zwecker an ënnert de Konditiounen, déi vum Gesetz festgeluecht sinn, traitéiert ginn.

Art. 32.

D'Recht op Asyl ass garantéiert ënnert de Konditiounen, déi d'Gesetz virgesäit.

Art. 33.

(1) All Persoun huet d'Recht op Bildung.

(2) De Staat organiséiert den Enseignement a garantéiert den Zougang derzou.

D'Dauer vun der Schouflicht gëtt vum Gesetz festgeluecht.

Den effentlechen Enseignement am Fondamental an am Secondaire ass gratis.

(3) D'Fräiheet vum Enseignement gëtt ausgeübt am Respekt vun de Wäerter vun enger demokratescher Gesellschaft, déi op de Grondrechter an den effentleche Fräiheeten opgebaut ass.

D'staatlech Interventioun am privaten Enseignement gëtt vum Gesetz gereegelt.

(4) All Persoun ass fräi, zu Lëtzebuerg oder am Ausland ze studéieren an ze wielen, wéi eng Universitéite si besicht. D'Konditiounen vun der Unerkennung vun den Diplomer gi vum Gesetz bestëmmt.

Art. 34.

D'Sozialversécherung, de Schutz vun der Gesondheet an d'Rechter vun de Leit op der Aarbecht ginn, wat d'Prinzipien ugeet, vum Gesetz gereegelt.

Art. 35.

D'Fräiheet vun Handel an Industrie an d'fräit Ausübe vu liberale Professionen a vun der landwirtschaftlecher Aktivitéit si garantéiert, ënner Virbehalt vun de Restriktiounen, déi d'Gesetz festleet.

Art. 36.

Kengem ka säi Besëtz ewechgeholl ginn, ausser am allgemengen Notzen a géint eng fair Indemnisiatioun, an de Fäll an op d'Aart a Weis, déi vum Gesetz festgeluecht sinn.

Art. 37.

All Restriktioun vum Exercice vun de Grondrechter muss vum Gesetz virgesi sinn an hire weesentlechen Inhalt respektéieren. Am Respekt vum Prinzip vun der Proportionalitéit si Restriktiounen nëmme méiglech, wa si an enger demokratescher Gesellschaft néideg sinn an effektiv den allgemengen Interessi oder de Schutz vun aneren hire Rechter a Fräiheeten zum Zil hunn.

Sektioun 4. – Staatsziler mat Verfassungsrang

Art. 38.

De Staat garantéiert d'Recht op Aarbecht a këmmert sech drëm, dass et ausgeübt ka ginn.

Art. 39.

De Staat fërdert de Sozialdialog.



„Gëlle Fra“ (Place de la Constitution)

Art. 40.

De Staat suergt derfir, datt jidderee mënschewierdeg ka liewen an eng gëeegent Wunneng huet.

Art. 41.

De Staat garantéiert de Schutz vun der mënschlecher a natierlecher Ëmwelt, andeems e sech fir en dauerhaft Gläichgewicht asetzt tëschent dem Erhalt vun der Natur, virun allem hirer Kapazitéit, sech ze erneieren, an dem Erhalt vun der Biodiversitéit, an der Satisfaktioun vun de Besoine vun den haitegen an den nächste Generatiounen.

De Staat verpflichtet sech, de Klimawandel ze bekämpfen a sech fir d'Klimaneutralitéit anzesetzen.

Hien erkennt un, dass d'Déieren netmënschlech Liewewiese sinn, déi eng Sensibilitéit hunn, a suergt dofir, dass hiert Wuelbefanne geschützt gëtt.

Art. 42.

De Staat garantéiert den Zougang zur Kultur an d'Recht op kulturell Selbstverwierklechung.

De Staat fërdert de Schutz vum kulturelle Patrimoine.

Art. 43.

De Staat fërdert d'Fräiheet vun der wëssenschaftlecher Fuerschung am Respekt vun de Wäerter vun enger demokratescher Gesellschaft, déi op de Grondrechter an den ëffentleche Fräiheeten opgebaut ass.

KAPITEL III. – DE GRAND-DUC

Sektioun 1. – D'Funktioon vum Staatschef

Art. 44.

(1) De Grand-Duc ass de Staatschef.

Hie representéiert de Staat. Hien ass d'Symbol vun der nationaler Eenheet an Onofhängegkeet. Seng Persoun ass onverletzlech.

(2) De Grand-Duc huet nëmmen déi Attributiounen, déi d'Verfassung an d'Gesetzer him iwwerdroen.

Hien exercéiert zesumme mat der Regierung d'Exekutivgewalt.

(3) Dem Grand-Duc seng Bestëmmunge mussen vun engem Member vun der Regierung, deen d'Verantwortung derfir iwwerhëlt, géigegezeechent ginn.

Art. 45.

(1) De Grand-Duc hëlt d'Reglementer an d'Arrêtéen, déi fir d'Vollstreckung vun de Gesetzer néideg sinn.

(2) An de Beräicher, déi duerch d'Verfassung dem Gesetz virbehale sinn, kann de Grand-Duc Règlementer an Arrêtéen nëmmen opgrond vun enger besonnescher gesetzlecher Bestëmmung huelen, déi d'Zil vun de Vollstreckungsmoosnamen an eventuell d'Konditiounen, deene si ënnerleien, festleet.

(3) Hien hëlt d'Reglementer, déi néideg sinn, fir d'Rechtsakte vun der europäescher Unioun ze applizéieren.

An de Beräicher, déi duerch d'Verfassung dem Gesetz virbehale sinn, kënnen dës Règlementer nëmmen opgrond vun enger besonnescher gesetzlecher Bestëmmung geholl ginn, déi d'Zil vun de Vollstreckungsmoosnamen an eventuell d'Konditiounen, deene si ënnerleien, festleet. Geméiss de Konditiounen, déi d'Gesetz festleet, kënnen dës Règlementer vu besteeënde Gesetzesbestëmmungen ofwäichen oder se ersetzen.



De Grand-Duc Henri © Maison du Grand-Duc, Sophie Margue

Art. 46.

De Grand-Duc schléisst d'Traitéen a kënnegt se. D'Traitéen – ausser, een Traité enthält eng spezifesch Klausel dozou – an hir Kënnegung wierken eréischt, nodeems si vun engem Gesetz autoriséiert goufen. Si gi publizéiert an de Formen, déi fir d'Publikatioun vun de Gesetzer virgesi sinn.

De Grand-Duc mécht d'Reglementer an d'Arrêtéen, déi fir d'Ausféierung vun den Traitéen néideg sinn, an de Formen, déi d'Ausféierungsmoosnamen vun de Gesetzer reegelen, a mat der Wierkung, déi dës Moosnamen hunn, ouni Schued fir d'Beräicher, déi duerch d'Verfassung dem Gesetz virbehale sinn.

Art. 47.

Am Ausübe vun der Muecht, déi den Artikel 45, Paragraf 1 an 3, Alinea 1 an den Artikel 46, Alinea 2 vun der Verfassung him ginn, kann de Grand-Duc an de Fäll, déi hie festleet, d'Membere vu senger Regierung beoptragen, Ausféierungsbestëmmungen ze huelen.

Art. 48.

Am Fall vun enger internationaler Kris, vu reelle Menacé fir d'vital Interessie vun der ganzer Populatioun oder engem Deel dovun oder vun enger imminenter Gefor wéinst schwéiere Beanträchtegeunge vun der öffentlecher Sécherheet kann de Grand-Duc an alle Beräicher per Reglement Moosnamen ergräifen, nodeems hien d'Drénglechkeet vun der Situatioun festgestallt huet, déi doraus resultéiert, dass et der Chamber onméiglech ass, matzäit ze legiferéieren.

Dës Moosname kënnen vu Gesetzer, déi existéieren, ofwäichen. Si mussen néideg, adequat a proportional zum Zil, dat verfollegt gëtt, a konform mat der Verfassung an den internationalen Traitéë sinn.

D'Verlängerung vum Krisenzoustand iwwer zéng Deeg eraus kann nëmmen duerch een oder méi Gesetzer entscheet ginn, déi d'Dauer dovun festleeën, woubäi d'Verlängerung eng maximal Dauer vun dräi Méint net iwwerschreiden dierf. Dës Gesetzer gi mat enger qualifizierter Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmme vun den Deputéierte gestëmmt. D'Ofstëmmung iwwer Procuratioun ass dobäi net erlaabt.

All Reglementer, déi opgrond vun dëser Bestëmmung geholl ginn, verléieren hir Wierkung spëtstens, wann de Krisenzoustand eriwwe ass.

D'Chamber ka während dem Krisenzoustand net opgeléist ginn.

Art. 49.

De Grand-Duc promulgiert d'Gesetzer bannent dräi Méint, nodeems se vun der Chamber ugeholl goufen.

Art. 50.

(1) De Grand-Duc ernennt a Konformitéit mam Gesetz fir öffentlech Aarbechtsplazen, ausser, d'Gesetz gesäit dat anescht vir.

(2) Eng vum Staat bezuelten Aarbechtsplaz kann nëmmen opgrond vun engem Gesetz geschafe ginn.

(3) De Statut vun de Staatsbeamte gëtt vum Gesetz festgeluecht.

Art. 51.

De Grand-Duc huet d'Recht, d'Strofen, déi vun de Gerichter geschaf goufen, an de Konditiounen, déi d'Gesetz festleet, opzehiewen oder erfzesetzen.

Art. 52.

De Grand-Duc huet d'Recht, Adelstitelen un d'Membere vun der groussherzoglecher Famill ze verginn, ouni awer jeemoools Privileegien domat ze verbannen.

Art. 53.

(1) De Grand-Duc dréit den Titel vum Kommandant vun der Arméi. Dëse Kommando gëtt enner der Verantwortung vun der Regierung ausgeübt.

(2) De Grand-Duc iwwergëtt zivil a militäresch Uerden am Respekt vum Gesetz.

Art. 54.

De Grand-Duc, de fréiere Staatschef, den lergroussherzog, de Regent an de Lieutenant-Representant kréien eng järelech Dotatioun aus dem Staatsbudget. D'Elementer an de Montant dovunner gi vum Gesetz festgeluecht.

De Grand-Duc definéiert an organiséiert seng Verwaltung, déi d'Rechtsperséinlechkeet huet, a berécksichtegt dobäi den öffentlechen Interess.



D'Statu vun der Grande-Duchesse Charlotte

Art. 55.

De groussherzogleche Palais an der Stad Lëtzebuerg an d'Schlass Bierg sinn dem Grand-Duc als Residenz virbehalen.

Sektioun 2. – D'constitutionnell Monarchie

Art. 56.

(1) D'Funktioon vum Staatschef ass verierfelech ënnert den direkte Nokomme vu Senger Kinneklecher Altesse Adolphe, Grand-Duc vu Lëtzebuerg, Herzog vun Nassau, an der Reiefolleg vun der Eischtgebuert an no der Reegel vun der Verriedung. Nëmme Kanner, déi an engem Bestietnis gebuer goufen, kënnen d'Nofolleg untrieden.

(2) D'Persoun, déi zur Nofolleg berechtigt ass, kann dorop verzichten. Dëse Verzicht huet d'Form vun engem schrëftlechen Akt, deen net ka widderruff ginn an deem seng Konsequenzen nëmmen den Auteur betreffen.

Wann aussergewéinlech Ëmstänn dat verlaangen, kann d'Chamber eng oder méi Persounen duerch e Gesetz, dat mat der qualifizierter Majoritéit ugeholl gëtt, vun der Trounfolleg ausschléissen.

(3) Wann et keen Nofolger gëtt, versammelt sech d'Chamber spëtstens drësseg Deeg nom Doud oder der Ofdankung vum Grand-Duc, fir en neie Staatschef ze designéieren. D'Entscheidung gëtt mat der qualifizierter Majoritéit ugeholl.

(4) Dem Grand-Duc seng Ofdankung muss d'Form vun engem schrëftlechen Akt hunn, deen net ka widderruff ginn.

Art. 57.

(1) De Grand-Duc ass Staatschef vun deem Moment un, wou hie virun der Chamber de follgenden Eed ofgeluecht huet: „Ech schwieren, d'Verfassung an d'Gesetzer ze respektéieren a meng constitutionnell Attributiounen trei ze erfëllen.“

(2) Den Eed gëtt spéitstens den zéngten Dag nom Doud, der Ofdankung oder der Designatioun vum Grand-Duc ënnert de Konditiounen vum Artikel 56, Paragraf 3 ofgeluecht.

(3) De Refus, den Eed ofzeleeën, bedeit de Verzicht op d'Funktoun vu Staatschef.

Art. 58.

De Grand-Duc ka sech vun enger Persoun vertrieed loosse, déi d'Konditiounen vum Artikel 56, Paragraf 1 erfëllt an déi den Titel „Lieutenant-Representant vum Grand-Duc“ dréit.

De Lieutenant-Representant vum Grand-Duc iwwerhëlt seng Funktioun eréischt, nodeems hie virun der Chamber de follgenden Eed ofgeluecht huet: „Ech schwieren, d'Verfassung an d'Gesetzer ze respektéieren a meng constitutionnell Attributiounen trei ze erfëllen.“

Art. 59.

Wa beim Grand-Duc sengem Doud oder um Datum vu senger Ofdankung säin Nofollger mannerjäreg ass, versammelt sech d'Chamber bannent zéng Deeg, fir d'Regence op Propositioun vun der Regierung ze reegelen.

Wann et dem Grand-Duc onméiglech ass, seng constitutionnell Attributiounen zäitweilig ze erfëllen oder den Eed ofzeleeën, deen den Artikel 57 virgesäit, informéiert d'Regierung d'Chamber doriwwer. D'Chamber versammelt sech bannent zéng Deeg, fir dës Onméiglechkeet festzustellen an eng Regence anzesetzen.

D'Regence kann nëmmen enger eenzeler Persoun uvertraut ginn, déi groussjäreg muss sinn an zum Persounekrees, deen am Artikel 56, Paragraf 1 genannt gëtt, gehéiere muss.

De Regent iwwerhëlt seng Funktioun eréischt, nodeems hie virun der Chamber de follgenden Eed ofgeluecht huet: „Ech schwieren, d'Verfassung an d'Gesetzer ze respektéieren a meng constitutionnell Attributiounen trei ze erfëllen.“

D'Regence hält op, wann den Nofollger groussjäreg gëtt oder wann déi zäitweilig Onméiglechkeet vum Grand-Duc, seng constitutionnell Attributiounen ze erfëllen, eriwwer ass.

D'Regierung informéiert d'Chamber doriwwer, déi bannent zéng Deeg zesummekennt, fir der Regence en Enn ze setzen.

Art. 60.

Wann de Grand-Duc seng constitutionnell

Attributiounen net erfëllt, entscheet d'Chamber, op Ufro vun der Regierung an nodeems den Avis vum Staatsrot gehéiert gouf, mat der qualifizierter Majoritéit, datt een dovun ausgoe muss, datt de Grand-Duc ofgedankt huet.

Art. 61.

Vum Grand-Duc sengem Doud, senger Ofdankung oder der Feststellung un, datt et him net méiglech ass, seng constitutionnell Attributiounen ze erfëllen, bis datt säin Nofollger den Eed ofleet, gëtt d'Funktoun vu Staatschef vun der Regierung ausgeübt. Dat ass och de Fall, wann de Regent stierft oder demissionéiert.

KAPITEL IV. – D'CHAMBER VUN DEN DEPUTÉIERTEN¹

Sektioun 1. – D'Verriedung vum Land

Art. 62.

D'Chamber vertritt d'Land. Si exercéiert d'legislativ Gewalt. Si kontrolléiert d'Aktioun vun der Regierung.

D'Deputéiert stëmmen ouni Récksproch mat hiren Optraggeber of an dierfen nëmmen d'Allgemengwuel a Betruecht zéien.



D'Chamber um Krautmaart

Art. 63.

(1) D'Chamber besteet aus siechzeg Deputéierten.

(2) D'Deputéiert gi fir fënnef Joer gewielt.

(3) D'Wal ass direkt. D'Deputéiert ginn opgrond vum allgemenge Walrecht, op Lëschten, no de Reegele vun der proportionaler Verriedung an nom Prinzip vum klengste Walquotient gewielt.

D'Wal ass obligatoresch a geheim. Hir Modalitéite gi vum Gesetz gereegelt.

(4) D'Land ass a véier Walbezierker agedeelt: 1° de Süde mat de Kantonen Esch-Uelzecht a Capellen; 2° den Zentrum mat de Kantone Lëtzebuerg a Miersch; 3° den Norde mat de Kantonen Dikrech, Réiden, Wolz, Clierf a Veianen;

¹ Am Rescht vum Text gëtt just dat Wuert „Chamber“ benotzt.

4° den Oste mat de Kantone Gréiwemaacher, Réimech an lechternach.

E Gesetz, dat mat der qualifizierter Majoritéit ugeholl gëtt, leet d'Zuel vun den Deputéierte fest, déi an all Bezierk gewielt ginn.

Art. 64.

(1) Fir wielen ze kënnen, muss ee Lëtzebuenger an uechtzéng Joer al sinn.

(2) Fir kënnen gewielt ze ginn, muss een ausserdeem säi Wunnsätz am Grand-Duché vu Lëtzebuerg hunn.

(3) An de Fäll, déi d'Gesetz virgesäit, kënnen d'Gerichter de Verloscht vum aktiven a vum passive Walrecht ausspriechen.

Art. 65.

D'Mandat vum Deputéierten ass onvereinbar mat de Funktiounen vum Regierungsmember a vum Member vum Staatsrot.

Déi selwecht Onvereinbarkeet gëllt fir öffentlech Aarbechtsplazen a Funktiounen, déi vun engem Gesetz, dat mat der qualifizierter Majoritéit ugeholl gëtt, festgeluecht ginn. Si kann op aner politesch Mandater ausgebreet ginn, déi vun engem Gesetz, dat mat der qualifizierter Majoritéit ugeholl gëtt, festgeluecht ginn.

Art. 66.

(1) Den Deputéierten, dee vun der Regierung fir eng bezuelten Aarbechtsplaz ernannt gëtt, déi hien akzeptéiert, verléiert direkt säi Sätz a ka seng Funktioun nëmmen opgrond vun neie Walen nees iwwerhuelen.

(2) Den Deputéierten, deen zum Regierungsmember ernannt gëtt, verléiert säi Mandat als Deputéierten. Hie gëtt nees op der Lëscht, op där hie gewielt gouf, als Suppleant an der Reiefolleg vun de Stëmme, déi hie kritt huet, ageschriwwen.

Dat selwecht gëllt fir e Suppleant, deen zum Regierungsmember ernannt gouf a während sengem Regierungsmandat op e Mandat als Deputéierten, dat em zoustoung, verzicht huet.

Wann e puer Persounen erëm op d'Lëscht vun de Suppleanten ageschriwwen ginn, geschitt dat an der Reiefolleg vun der Stëmmenunzuel, déi si bei de Wale kritt hunn.

(3) D'Persounen, déi vun enger Incompatibilitéit betraff sinn, kënnen tëschen dem Deputéiertemandat an hirer Plaz oder Aktivitéit wielen.

Sektioun 2. – D'Organisatioun an de Fonctionnement vun der Chamber

Art. 67.

(1) D'Chamber versammelt sech vum Recht hier den drëttén Dëschdeg no de Wale an enger öffentlecher Sitzung, fir d'Pouvoir vum hire Memberen ze iwwerpräwen.

(2) D'Chamber ass zoustänneg fir feststellen, dass ee vun hire Memberen de Statut vum Deputéierte verluer huet, well während dem Mandat en Ineligibilitätsgrond am Sënn vum Artikel 64 oder eng Onvereinbarkeet am Sënn vum Artikel 65 opgetrueden ass.

(3) E Recours géint dës Entscheedunge ka virum Verfassungsgericht agereecht ginn. D'Modalitéite vun dësem Recours gi vum Gesetz geregelt.

(4) Wa si hir Funktioun untrieden, leeën d'Deputéiert an enger öffentlecher Sëtzung de folgenden Eed of: „Ech schwieren, d'Verfassung an d'Gesetz ze respektéieren a meng Funktioun mat Integritéit, Exaktheit an Onparteilechkeet ze erfëllen.“

(5) Mat der öffentlecher Versammlung vun der Chamber no de Wale, am Sënn vum Paragraf 1, ginn d'Funktiounen vun den Deputéierten, déi aus de viregte Wale ervirgaange sinn, zu Enn.

Art. 68.

D'Chamber bestëmmt duerch hiert Reglement d'Aart a Weis, no där si hir Attributiounen ausüübt, souwéi hir materiell a finanziell Organisatioun, dorënner och de Statut vun hire Beamten.

D'Chamberreglement leet d'Ausföhrungsbestëmmunge vun de Gesetzer fest, déi hir Organisatioun betreffen.

Art. 69.

D'Chamber ernannt hire President an hir Vizepresidenten a stellt hire Büro zesummen.

Art. 70.

D'Sëtzunge vun der Chamber sinn öffentlech, ausser an de Fäll, déi hiert Reglement virgesäit.

Art. 71.

D'Chamber kann nëmmen Entscheedungen, Resolutiounen a Motiounen unhuelen, wann d'Majoritéit vun den Deputéierte versammelt ass.

All Entscheedung, all Resolutioun an all Motioun gëtt mat der Majoritéit vun de Stëmme ugeholl. D'Enthalunge ginn net fir d'Berechnung vun der Majoritéit a Betruecht gezunn. D'Ofstëmmung iwwer Procuratioun ass erlaabt. Keen Deputéierten dierf méi wéi eng Procuratioun kréien.

D'Decisiounen an d'Resolutiounen, fir déi d'Verfassung d'qualifizierter Majoritéit verlaangt, mussen mat op d'mannst zwee Drëttel vun de Stëmme vun den Deputéierten ugeholl ginn. D'Ofstëmmung iwwer Procuratioun ass an dës Fäll net erlaabt.

Art. 72.

D'Chamberreglement leet d'Majoritéitsreegele fir d'Ernennung vu Persounen op Mandater oder Funktiounen fest, fir déi d'Chamber zoustänneg ass.

Art. 73.

De Grand-Duc kann nëmme virgezunne Wale fixéieren, wann d'Chamber mat der Majoritéit

vun hire Memberen entweeder der Regierung e Vertrauensvoté refuséiert oder e Mësstrauensvoté géint d'Regierung unhëlt.

Wann d'Regierung demissionéiert an d'Chamber mat der absoluter Majoritéit vun hire Memberen den Accord dozou gëtt, fixéiert de Grand-Duc virgezunne Walen.

D'Neiwale gi spëtstens bannent dräi Méint ofgehalen.

De Grand-Duc ka keng virgezunne Wale während dem Krisenzoustand fixéieren.

Art. 74.

D'Regierungsmitglieder hunn Zougang zu der Chamber a musse gehéiert ginn, wa si dat verlaangen.

Art. 75.

Fir d'Missionen ze erfëllen, déi am Artikel 62 virgesi sinn, kann d'Chamber:

- 1° d'Präsenz vun engem oder méi Membere vun der Regierung verlaangen;
- 2° Froen an Interpellatiounen un d'Regierung adresséieren, op déi d'Regierung verpflichtet ass ze äntweren;
- 3° all méiglech Informatiounen an Dokumenter vun der Regierung verlaangen;
- 4° e Vertrauens- oder e Mësstrauensvoté géintiwuer der Regierung unhuelen.

D'Ausübe vun dëse Prerogativë gëtt am Chamberreglement gereegelt.

Sektioun 3. – D'Unhuele vun de Gesetzzer

Art. 76.

D'Regierung deposéiert Gesetzesprojete bei der Chamber.

Art. 77.

All Deputéierten huet d'Recht, fir der Chamber Gesetzespropositiounen ze ënnerbreeden.

Art. 78.

(1) D'Gesetzzer gi vun der Chamber ugeholl.

(2) D'Chamber kann d'Gesetzesprojete an d'Gesetzespropositiounen änneren.

(3) D'Chamber stëmmt iwwer dat ganzt Gesetz of. Et gëtt ëmmer mam Numm ofgestëmmt.

Wann op d'mannst fënnf Deputéiert dat verlaangen, ka virun der Ofstëmmung iwwer dat ganzt Gesetz eng Ofstëmmung iwwer een oder méi Artikelen vum Gesetz gemaach ginn.

(4) Iwwer all Gesetz gëtt eng zweete Kéier ofgestëmmt, ausser wann d'Chamber mam Accord vum Staatsrot, deen dofir an enger ëffentlecher Sëtzung zesummekënnt, de Contraire entscheet. Et gëtt en Intervalle vu mindestens dräi Méint tëschent den zwou Ofstëmmungen.

Sektioun 4. – Déi aner Attributiounen vun der Chamber

Art. 79.

Zu de motivéierte Propositiounen, déi op eng Gesetzgebung hinzielen an déi vu mindestens honnertfënnfanzwanzeg Wieler presentéiert ginn a vu mindestens zwielefdausendfënnhonnert Wieler ënnerstëtzt ginn, hëllt d'Chamber an enger ëffentlecher Sitzung Stellung.

D'Gesetz reegelt d'Ausübe vun dësem legislativen Initiativrecht.

Art. 80.

D'Chamber kann decidéieren, e Referendum duerchzeféieren an de Fäll, ënnert de Konditiounen a mat der Wierkung, déi an engem Gesetz festzeleeë sinn.

Art. 81.

D'Chamber huet d'Recht, Enquëten duerchzeféieren. D'Gesetz reegelt d'Ausübe vun dësem Recht.

Eng Enquëtekommissioun muss agesat ginn, wa mindestens een Drëttel vun den Deputéierten dat verlaangt.

Art. 82.

D'Chamber hëlt d'Petitiounen entgéint, déi an der Form, déi hiert Reglement virgesäit, u si adresséiert ginn.

Art. 83.

Den Ombudsman gëtt vum Grand-Duc ernannt, op Vorschlag vun der Chamber, dee mat der qualifizéierter Majoritéit, déi am Artikel 71, Alinea 3 virgesinn ass, gestëmmt gëtt.

Dem Ombudsman seng Kompetenzen, d'Reegele vu sengem Fonctionnement an d'Relatiounen mat der Chamber gi vum Gesetz festgeluecht.

Sektioun 5. – De Statut vum Deputéierten

Art. 84.

En Deputéierte ka wéinst de Meenungen an de Votten, déi hien am Ausübe vu senger Funktiounen ausdréckt, weeder zivilrechtlech nach stroferechtlech belaangt ginn.

Art. 85.

Mat Ausnam vun de Fäll, déi am Artikel 84 ernimmt sinn, kënnen d'Deputéiert stroferechtlech verfollegt ginn.

Allerdéngs kann en Deputéierten nëmme festgeholl ginn, wann d'Chamber am Virfeld hiren Accord dozou ginn huet, ausser wann en op frëscher Dot ertappt gëtt.

D'Autorisatioun vun der Chamber ass net néideg fir d'Vollstreckung vun de Strofen, d'Fräiheitsstrofen abegraff, déi géint en Deputéierte gesprach ginn.

Art. 86.

D'Deputéiert kréien eng Indemnitéit, där hire Montant an hir Konditiounen vum Gesetz festgeluecht ginn.

KAPITEL V. – D’REGIERUNG

Art. 87.

D’Regierung dirigiert d’allgemeng Politik vum Staat.

Art. 88.

D’Regierung besteet aus engem Premierminister, engem oder méi Vizepremierministere, Ministere an eventuell engem oder méi delegierte Ministere a Staatssekretäre.

De Grand-Duc ernennt de Premierminister an déi aner Membere vun der Regierung a beendegt hir Funktiounen.

Ier si hir Funktioun untrieden, leeën d’Membere vun der Regierung de folgenden Eed of: „Ech schwieren, d’Verfassung an d’Gesetze ze respektéieren a meng Funktioun mat Integritéit, Exaktheit an Onparteichektheit ze erfëllen.“



De Staatsministère

Art. 89.

D’Funktioon vum Regierungsmember ass net vereinbar mat der Funktioun vum Deputéierten, Member vum Staatsrot, Member vun engem Gemengerot an och net mat öffentlechen Ämter oder enger beruflecher Aktivitéit.

Art. 90.

D’Membere vun der Regierung exercéieren hir Attributiounen entweeder am Regierungsrat oder eenzel fir déi Ugeleeënheeten, fir déi si zoustänneg sinn.

Art. 91.

De Premierminister koordinéiert d’Regierungsgeschäfte a suergt fir en eenheetlecht Virgoe vun der Regierung.

Art. 92.

D’Regierung leet hir Organisatioun an hire Fonctionnement an engem interne Reglement fest, dat duerch e groussherzoglechen Arrêté approuvéiert gëtt, mat Ausnam vun de Beräicher, déi duerch d’Verfassung dem Gesetz virbehale sinn.

Art. 93.

(1) De Premierminister engagiert d’Verantwortung vun der neier Regierung, wann en der Chamber de Regierungsprogramm presentéiert.

(2) Am Zesummenhang mat enger Ofstëmmung iwwert e Gesetzesentwurf oder mat enger Regierungserklärung kann de Premierminister mam Accord vum Regierungsrat d’Verantwortung vun der Regierung géintwuer der Chamber engagéieren.

(3) D’Chamber kann d’Verantwortung vun der Regierung duerch e Mësstrauensvoté engagéieren.

(4) Wann d’Chamber der Regierung hiert Vertraue refuséiert, presentéiert de Premierminister dem Grand-Duc d’Demission vum der Regierung.

(5) Déi demissionär Regierung dirigiert weider d’allgemeng Politik vum Staat.

Art. 94.

(1) D’Regierung an hir Membere si virun der Chamber verantwortlech.

(2) D’Membere vun der Regierung kënnen weinst Meenungen, déi si am Kader vun hire Funktiounen äusseren, weeder zivil- nach strafrechtlech verantwortlech gemaach ginn.

(3) D’Membere vun der Regierung si strafrechtlech verantwortlech fir d’Handlungen, déi si am Ausüben vun hire Funktioun beginn.

Nëmmen de Parquet kann eng Poursuite géint e Member vun der Regierung weinst dës Handlungen aleeden an dirigéieren, och nom Enn vun deem senger Funktioun.

(4) Ausser wann en op frëscher Dot ertappt gëtt, kann e Member vun der Regierung nëmme festgeholl ginn, wann d’Chamber am Virfeld hiren Accord dozou ginn huet. Dës Autorisatioun ass net néideg fir d’Vollstreckung vun de Strofen, d’Fräiheitsstrofen abegraff, déi géint e Member vun der Regierung gesprach ginn.

KAPITEL VI. – DE STAATSROT

Art. 95.

De Staatsrot gëtt säin Avis zu de Gesetzesprojeten, de Gesetzespropositiounen an den Ännerungen of, déi dorunner kënnen proposéiert ginn.

Wann de Staatsrot der Meenung ass, dass e Gesetzesprojet oder eng Gesetzespropositioun Bestëmmungen enthält, déi net konform si mat der Verfassung, mat internationalen Traitéeen, bei deenen de Grand-Duché vu Lëtzebuerg Vertragsstaat ass, mat Rechtsakte vun der Europäescher Unioun oder mat den allgemenge Rechtsprinzipien, dann erwähnt hien dat a sengem Avis.

Wann d’Chamber Artikel fir Artikel iwwer e Gesetzesprojet oder eng Gesetzespropositioun ofgestëmmt huet, ouni dass de Staatsrot säin Avis ofginn huet, kann d’Chamber iwwer d’komplett Gesetz ofstëmmen, wa si en Delai vu mindestens dräi Méint anhält, nodeems si de Staatsrot informéiert huet.

Ausser an dréngende Fäll, déi an de Limite vum Gesetz vum Grand-Duc appreciéiert ginn, gëtt de Staatsrot

säin Avis iwwer Projete vu Reglementer of, déi fir d'Ausféierung vun de Gesetzer an den internationalen Traitéen a fir d'Applikatioun vun de Rechtsakte vun der Europäescher Unioun ugeholl ginn. Wann hien der Meenung ass, datt de Projet vum Reglement net konform mat de méi héije Rechtsnormen ass, da geet en a sengem Avis dorop an.



De Staatsrot

D'Chamber an d'Regierung kënnen dem Staatsrot all aner Froen no deene vum Gesetz festgeluechte Modalitéite virleeën.

Art. 96.

D'Organisatioun vum Staatsrot an d'Aart a Weis, seng Kompetenzen auszeüben, gi vum Gesetz geregelt.

KAPITEL VII. – D'JUSTIZ

Sektioun 1. – D'Organisatioun vun der Justiz

Art. 97.

D'Justizgewalt gëtt vun de Geriichtshäff an de Geriichter exercéiert.

D'Urteeler ginn am Numm vum Grand-Duc vollstreckt.

Art. 98.

D'uerdentlech Geriichter sinn allgemeng zoustänneg an alle Beräicher, mat Ausnam vun deenen Attributiounen, déi d'Verfassung un aner Geriichter mat enger spezifischer Zoustännegkeet iwwerdréit.

Art. 99.

D'Verwaltungsgeriichter si fir administrativ a steierlech Streidegkeeten zoustänneg an de Fäll an ënnert de Konditiounen, déi d'Gesetz festleet.

Art. 100.

D'Organisatioun vun de Geriichter am Beräich vun der Sozialversécherung gëtt vum Gesetz geregelt.

Art. 101.

D'Gesetz reegelt d'Organisatioun vun de Geriichter an d'Recoursen.

Art. 102.

D'Geriichter applizéieren d'Gesetzer an

d'Reglementer nëmmen esouwäit, ewéi si konform mat de méi héije Rechtsnorme sinn.

Art. 103.

D'Annulatioun vun engem Reglement duerch e Verwaltungsgeriicht huet en absolute Charakter vun deem Dag un, wou d'Urteil definitiv ass, ausser wann d'Geriicht, dat d'Annulatioun ausgeschwat huet, en aneren Delai ordonéiert.

D'Geriicht, dat d'Annulatioun ausschwätzt, leet d'Konditiounen an d'Limite fest, an deenen d'Wierkungen, déi d'Reglement hat, kënnen a Fro gestallt ginn.



D'Cité judiciaire

Sektioun 2. – De Statut vun de Magistraten

Art. 104.

(1) D'Riichtere sinn onofhängeg am Ausübe vun hire riichterleche Funktiounen.

(2) De Parquet exercéiert d'ëffentlech Uklo a fuerdert d'Uwendung vum Gesetz. Am Ausübe vun individuelle Recherchen a Poursuitten ass en onofhängeg; der Regierung hiert Recht, stropolitesch Direktiven ze ginn, bleibt dobäi intakt.

Art. 105.

(1) De Statut vun de Riichteren a vun de Membere vum Parquet gëtt vum Gesetz festgeluecht.

(2) D'Riichtere kënnen net ofgesat ginn.

(3) D'Gesetz reegelt d'Pensionéierung vun de Riichteren a vun de Membere vum Parquet aus Alters-, Gesondheets- oder Déngschtonfäegkeetsgrënn.

Art. 106.

Ier si hir Funktioun untrieden, leeën d'Riichteren an d'Membere vum Parquet den Eed of, deen d'Gesetz virgesäit.

Sektioun 3. – Den nationale Justizrot

Art. 107.

Den nationale Justizrot suergt fir de gudden Fonctionnement vun der Justiz am Respekt vun hirer Onofhängegkeet.

D'Zesummestellung an d'Organisatioun vum nationale Justizrot gi vum Gesetz festgeluecht. Den nationale Justizrot muss majoritär aus Magistrate bestoen.

De Grand-Duc ernennt d'Magistraten, déi vum nationale Justizrot proposéiert ginn, ënnert de Konditiounen, déi d'Gesetz virgesäit.

Dem Justizrot seng Attributiounen bei Disziplinarverfare géint Magistrate gi vum Gesetz festgeluecht.

Dem nationale Justizrot seng aner Attributiounen gi vum Gesetz festgeluecht, dat och d'Ausübungsmodalitéiten dovunner festleet.

Sektioun 4. – De Persounen hir Garantië viru Geriicht

Art. 108.

D'Verhandlung virun de Geriichter sinn ëffentlech, ausser wann dës Ëffentlechkeet e Risiko fir d'Uerdnung oder d'Sitten duerstellt, woubäi d'Geriicht dëst an esou engem Fall an engem Urteel deklaréiert.

Art. 109.

All Urteel ass begrënnt. Et gëtt an enger ëffentlecher Sëtzung gesprach.

Art. 110.

D'Gesetz garantéiert d'Onparteilechkeet vun de Riichteren, de fairen a loyale Charakter an de raisonnablen Delai vun de Prozeduren, de Respekt vum Contradictoire an d'Rechter vun der Defense.

Art. 111.

D'Bestëmmunge vun der Verfassung stinn den Obligatiounen, déi aus dem Statut vum Internationale Strofgeriichtshaff ervirginn, net am Wee.

Sektioun 5. – D'Verfassungsgeriicht

Art. 112.

(1) D'Verfassungsgeriicht entscheet per Arrêt iwver d'Konformitéit vun de Gesetzer mat der Verfassung.

(2) D'Verfassungsgeriicht ka prejudiciel no de Modalitéiten, déi d'Gesetz virgesäit, vun all Geriicht saiséiert ginn, fir iwver d'Verfassungskonformitéit vun de Gesetzer, mat Ausnam vun de Gesetzer, déi Traitéen approuvéieren, ze entscheeden.

(3) D'Verfassungsgeriicht reegelt d'Kompetenzkonflikter nom Verfahren, dat vum Gesetz bestëmmt gëtt.

(4) Dem Verfassungsgeriicht seng Attributiounen kënnen duerch e Gesetz, dat mat enger qualifizierter Majoritéit vun op mannst zwee Drëttel vun de Stëmme vun de Membere vun der Chamber gestëmmt gëtt, erweidert ginn. D'Ofstëmmen iwver Procuratioun ass dobäi net erlaabt.

(5) D'Verfassungsgeriicht besteet:

1° aus néng effektive Memberen:

a) dem President vum leweschte Geriichtshaff an dem President vum Verwaltungsgeriichtshaff;

b) zwee Riichtere vum Cassatiounshaff a fënnef Magistraten, déi vum Grand-Duc, mat der Zoustëmmung vum leweschte Geriichtshaff a vum Verwaltungsgeriichtshaff, ernannt ginn; 2° siwe stellverriedend Memberen, déi vum Grand-Duc, mat der Zoustëmmung vum leweschte Geriichtshaff a vum Verwaltungsgeriichtshaff, ernannt ginn;

(6) D'Verfassungsgeriicht siegéiert an enger Chamber vu fënnef Memberen. Wann d'Verfassungsgeriicht der Meenung ass, dass eng Affär, mat där et saiséiert ass, besonnesch wichteg ass, da siegéiert et als Plenum mat néng Memberen.

(7) D'Organisatioun vum Verfassungsgeriicht an d'Aart a Weis, wéi et seng Kompetenzen ausübt, gi vum Gesetz gereegelt.

(8) Gesetzesbestëmmungen, déi duerch en Urteel vum Verfassungsgeriicht als verfassungswiddereg deklaréiert goufen, verléieren hir juristesche Wierkung den Dag no der gesetzlech virgeschriwwener Verëffentlechung vun dësem Urteel, ausser wann d'Verfassungsgeriicht en aneren Delai ordonéiert huet. D'Verfassungsgeriicht leet d'Konditiounen an d'Limite fest, an deenen d'Wierkungen, déi d'Bestëmmung hat, kënnen a Fro gestallt ginn.

KAPITEL VIII. – VERSCHIDDE BESTËMMUNGEN IWVER D'STAATSWERWALTUNG

Sektioun 1. – Déi allgemeng Verwaltungsregelen

Art. 113.

Kee Gesetz, kee Reglement a keen allgemenge Verwaltungsarrêté ass obligatoresch, ausser nodeems et an der Form, déi d'Gesetz festleet, verëffentlecht gouf.

Art. 114.

D'Gesetz leet d'Konditiounen, d'Limitten an d'Modalitéite fest, ënnert deenen de Staat an déi aner ëffentlech-rechtlech juristesche Persoune fir Schied kënnen haftbar gemaach ginn, déi si verursaacht hunn oder déi hir Mandatairen oder Agenten am Ausübe vun hire Funktiounen verursaacht hunn.

Art. 115.

D'Organisatioun an d'Attributiounen vun der Force publique gi vum Gesetz gereegelt.

All Deklaratioun iwver de Krichszoustand an all Bedeelegung vun der Force publique un Operatiounen am Ausland erfuere den d'Autorisatioun vun der Chamber no de Modalitéiten, déi d'Gesetz festleet.

Sektioun 2. – D'Finanzen

Art. 116.

(1) All staatlech Steier, all Exemptioun oder Reduktioun vun de Steiere gi vum Gesetz festgeluecht.

(2) D'Steieren zu Gonschte vum Staat ginn all Joer gestëmmt. D'Gesetzer, déi se festleeën, gëllen nëmme fir ee Joer, ausser si ginn erneiert.

(3) Eng Contributioun ka vun de Bierger oder ëffentlechen Aariichtungen nëmmen a Form vun enger Steuer zu Gonschte vum Staat oder enger Gemeng verlaangt ginn, ausser, d'Gesetz gesäit formell eng Ausnam vir.

Art. 117.

(1) All Prêt zu Laaschte vum Staat muss mat der Zoustëmmung vun der Chamber ofgeschloss ginn.

(2) All Verkaf vu Grondeegentum oder beweegleche Gidder, déi dem Staat gehéieren, muss duerch e speziell Gesetz autoriséiert ginn. En allgemengt Gesetz kann allerdéngs eng Limitt festleeën, ënnert där eng speziell Autorisatioun vun der Chamber net néideg ass.

(3) All Kaf vu gréisserem Grondeegentum oder gréissere beweegleche Gidder duerch de Staat, all Duerchféierung vun engem groussen Infrastrukturprojet oder enger grousser Konstruktioun zu Gonschte vum Staat an all grousst finanziell Engagement vum Staat mussen duerch e speziell Gesetz autoriséiert ginn. En allgemengt Gesetz leet d'Grenzwäerter fest, vun deenen un dës Autorisatioun néideg ass, esouwéi d'Konditiounen an d'Modalitéite fir de Finanzement vun de Virbereedungsarbechten.

(4) All Charge, déi de Staatsbudget wärend méi wéi engem Exercice belaauscht, muss duerch e speziell Gesetz festgeluecht ginn.

(5) All Pensioun, all Waardegeld an all Gratifikatioun zu Laaschte vum Staat ginn duerch e Gesetz accordéiert.



D'Cour des Comptes

Art. 118.

All Joer arrêtiert d'Chamber d'Staatskonten duerch e Gesetz a stëmmt de Budget. All Recetten an Depensé vum Staat mussen an de Budget an an d'Konten agedroe ginn.

Art. 119.

(1) E Rechnungshaff ass zoustänneg fir d'Kontroll vun der Finanzgestioun vun den Organer, Administratiounen a Servicer vum Staat. D'Gesetz kann him aner Missiounen fir d'Kontroll vun der Finanzgestioun mat ëffentleche Gelder uvertrauen.

(2) De Rechnungshaff ënnerbreet der Chamber seng Kriticken a Recommandatiounen zu de Staatskonten.

(3) Dem Rechnungshaff seng Kompetenzen, seng Organisatioun esouwéi d'Modalitéite vu senger Kontroll an d'Relatiounen mat der Chamber gi vum Gesetz festgeluecht.

(4) D'Membere vum Rechnungshaff gi vum Grand-Duc op Propositioun vun der Chamber ernannt.

Sektioun 3. – D'Relatiounen tëschent dem Staat an de Reliounsgemeinschaften

Art. 120.

D'Kierchen an d'Reliounsgemeinschaften si vum Staat getrennt.

D'Gesetz reegelt d'Relatiounen tëschent dem Staat an de Kierchen a Reliounsgemeinschaften.

An de Limitten a Formen, déi d'Gesetz festleet, kënnen Konventiounen, déi musse vun der Chamber approuvéiert ginn, d'Relatiounen tëschent dem Staat an de Kierchen a Reliounsgemeinschaften präzisieren.

KAPITEL IX. – D'GEMENGEN

Art. 121.

(1) D'Gemenge sinn autonom Kollektivitéiten op territorialer Basis, déi d'Rechtsperséinlechkeet hunn an duerch hir Organer hir eegen Interessien an hiert eegent Verméige verwalten.

(2) D'Gesetz reegelt d'Zesummesetzung, d'Organisatioun an d'Kompetenze vun de Gemengenorganer.

Art. 122.

(1) All Gemeng huet e Gemengerot, deen op Basis vum allgemenge Walrecht direkt an duerch Geheimwal gewielt gëtt.

(2) D'Gemeng gëtt ënnert der Autoritéit vun engem Schäfferot verwalt, deen aus dem Buergermeeschter an de Schäfte besteet. Si ginn innerhalb vun de Membere vum Gemengerot ernannt, an der Form, déi d'Gesetz virgesäit.

Art. 123.

(1) D'Steieren zu Gonschte vun de Gemenge gi vum Gesetz festgeluecht.

Am Respekt vu senger constitutionnellen a gesetzleche Kompetenz kann de Gemengerot d'Steieren an d'Taxe festleeën, déi néideg sinn, fir den Interessi vun der Gemeng kënnen ze realisieren. D'Gemengesteieren an -taxe gi vun der Iwwerwachungsautoritéit approuvéiert.

(2) De Gemengerot erstellt all Joer de Gemengebudget a schléisst d'Konten of.

(3) D'Gemengen hunn d'Recht op d'finanziell Ressourcen, fir d'Missiounen ze erfëllen, déi d'Gesetz hinnen uvertraut.

Art. 124.

Ausser an dréngende Fäll hält de Gemengerot

d'Gemengereglementer.

An de Beräicher, déi duerch d'Verfassung dem Gesetz virbehale sinn, kënnen d'Gemengereglementer nëmmen op Basis vun enger bestëmmter Gesetzesbestëmmung ugeholl ginn, déi d'Ziler vun den Ausféierungsmoosname an eventuell d'Konditioune festleet, deene si ënnerleien.

D'Gemengereglementer mussen konform mat de Gesetzer a mat de Reglementer sinn, déi an Applikatioun vum Artikel 45 geholl goufen.

Art. 125.

(1) Fir d'Redaktioun vun de Persounestandsakten an d'Féiere vun de Registere vun dësen Akte sinn exklusiv d'Gemengenorganer zoustänneg, déi d'Gesetz festleet.

(2) D'Gesetz leet de Statut vun de Gemeindebeamte fest.

Art. 126.

All Gemeng kann eleng oder mat anere Gemengen ëffentlech Aariichtung grënnen an de Limitten an op d'Aart a Weis, déi vum Gesetz festgeluecht ginn.

Art. 127.

D'Gesetz reegelt d'Iwwerwaachung vun der Gemeindeverwaltung a leet eng limitéiert Lëscht vun Handlung vum de Gemengenorganer fest, déi vun der Iwwerwaachungsautoritéit mussen approvéiert ginn. Et ka virgesinn, dass verschidden Handlung vum de Gemengenorganer mussen vun der Iwwerwaachungsautoritéit approvéiert ginn an dass se annulléiert oder suspendéiert ginn, wa se illegal sinn oder géint den allgemengen Interessi sinn, ouni Aschränkung vun de Attributioune vun den uerdentleche Geriichter oder de Verwaltungsgeriichter.

De Regierungsrat kann de Gemengerat am Interessi vun der Verwaltung vun der Gemeng opléisen.

KAPITEL X. – DEM STAAT SENG ÉTABLISSEMENT-PUBLICKEN AN D'BERUFFSORGANER

Art. 128.

(1) D'Gesetz kann Établissement-publicke schafen, déi eng eege Rechtsperséinlechkeet hunn an ënner dem Staat senger Tutelle stinn.

(2) D'Gesetz ka Berufschambere schafen, déi eng eege Rechtsperséinlechkeet hunn.

(3) D'Gesetz ka representativ Organer vun de liberale Beruffer schafen an hinnen d'Rechtsperséinlechkeet ginn.

Art. 129.

(1) D'Gesetz leet den Objet, d'Organisatioun an d'Kompetenze vun den ëffentlechen Aariichtungen, de Berufschambere an den Organer vun de liberale Beruffer fest, déi d'Rechtsperséinlechkeet hunn.

(2) An der Limitt vun hirem Objet kann d'Gesetz

hinnen d'Kompetenz ginn, Reglementer ze huelen.


An de Beräicher, déi duerch d'Verfassung dem Gesetz virbehale sinn, kënnen dës Reglementer nëmmen zu den Zwecker an ënner de Konditioune, déi d'Gesetz präziséiert, geholl ginn.

Dës Reglementer mussen konform mat de Gesetzer a mat de Reglementer sinn, déi an Applikatioun vum Artikel 45 geholl goufen.

KAPITEL XI. – D'VERFASSUNGSREVISIOUN

Art. 130.

Keng Bestëmmung vun der Verfassung ka suspendéiert ginn.



ANLux, TC-0052, Constitution révisée du Grand-Duché de Luxembourg, 1868.10.17

Art. 131.

All Revisioun vun der Verfassung muss vun der Chamber an de selwechten Termen an zwou successiven Ofstëmmungen am Ofstand vu mindestens dräi Méint ugeholl ginn.

Keng Revisioun gëtt ugeholl, wa si net mindestens zwee Drëttel vun de Stëmme vun de Membere vun der Chamber kritt. D'Ofstëmmen iwwer Procuratioun ass dobäi net erlaabt.

Den Text, deen an éischer Lecture vun der Chamber ugeholl ginn ass, gëtt engem Referendum ënnerzunn, deen der Chamber hir zweet Ofstëmmung ersetzt, wa bannent zwee Méint no der éischer Ofstëmmung eng entspriechend Demande gemaach gëtt, entweder vu méi wéi engem Véierel vun de Membere vun der Chamber oder vu fënnfanzwanzegtausend Wieler, déi op de Wielerlëschte fir d'Parlamentswalen ageschriwwen sinn. D'Revisioun ass nëmmen ugeholl, wa se d'Majoritéit vun de gültig ausgedréckte Stëmme kritt. D'Gesetz reegelt d'Organisationsmodalitéite vum Referendum.

KAPITEL XII. – IWWERGANGSBESTËMMUNGEN

Art. 132.


D'Bestëmmunge vum Artikel 56 si fir d'éischte Kéier op d'Nokomme vu Senger Kinneklecher Altesse Henri, Grand-Duc vu Lëtzebuerg, Herzog vun Nassau, applicabel.

Diese Broschüre mit dem neuen Verfassungstext soll der Öffentlichkeit Informationen über die Arbeit des luxemburgischen Parlaments zugänglich machen.

Nur der im offiziellen Amtsblatt veröffentlichte französische Text ist verbindlich.

Die luxemburgische und die deutsche Versionen sind freie Übersetzungen, die daher Abweichungen vom französischen Originaltext aufweisen können.

Das Parlament übernimmt keinerlei Verantwortung für die Verwendung der in dieser Broschüre enthaltenen Informationen.



Herr Léon Gloden, Herr Mars Di Bartolomeo, Frau Simone Beissel und Herr Charles Margue, die vier Berichterstatter der Revisionsvorschläge, und der Parlamentspräsident, Herr Fernand Etgen (in der Mitte)

Luxemburg, den 21. April 2023

Sehr geehrte Mitbürgerinnen und Mitbürger,

vor einigen Monaten ließ die Abgeordnetenkammer eine Broschüre verteilen, welche die Verfassungsreform erklärt, die während der letzten Jahre ausgearbeitet wurde.

Es ist mir eine Freude, Ihnen nun den neuen luxemburgischen Verfassungstext vorlegen zu können, der im Dezember 2022 in zweiter Lesung in der Abgeordnetenkammer verabschiedet wurde.

Die Verfassung ist der wichtigste Gesetzestext des Landes. Sie legt den Aufbau des Staates fest und organisiert die Funktionsweise der staatlichen Organe. In ihr sind außerdem die Rechte und Freiheiten der Bürgerinnen und Bürger festgeschrieben.

Nach ihrem Inkrafttreten am 1. Juli 2023 verfügt unser Land jetzt über eine moderne Verfassung, die konform mit der institutionellen Praxis ist.

Fernand Etgen
Präsident der Abgeordnetenkammer

VERFASSUNG DES GROSßHERZOGTUMS LUXEMBURG



Die Luxemburger Flagge

KAPITEL I. – DER STAAT, SEIN HOHEITSGEBIET UND SEINE EINWOHNER

Abschnitt 1. – Der Staat, seine politische Form und die Hoheitsgewalt

Art. 1.

Das Großherzogtum Luxemburg ist ein demokratischer, freier, unabhängiger und unteilbarer Staat.

